

verständlech net ofhuelen. Au contraire, den techneschen an de medezinesche Fortschrëtt wäerten dësen Trend nach weider verstärken. Sou wäerten dann an deene kommende Joren héchstwahrscheinlech nach eng Rei vun Transformatiounen a Realisatiounen an dësem Beräich op den Instanzewee bruecht misse ginn.

D'Efforten am Beräich vun de CIPaen oder de Maisons de soins musse konsequent virugefouert ginn. Dës Efforte wäerte mir als Demokratesch Partei och an Zukunft ganz kloer ënnerstëtzen.

Här President, wann an der Chamber iwwer esou Projete wéi dee Virleiende geschwat gëtt, da geet et meeschtens ëm de Baute-projet, dat heescht ëm d'Infrastrukturen, déi geschafe ginn. D'Infrastrukturen eleng sinn a kënne awer nëmmen een Element an der Betreuung vun eelere Leit duerstellen.

Mir brauchen, wat d'Betreiung vun eelere Mënschen ubelaangt, ee ganze Mix u Mesuren. Dat sinn op där enger Säit Infrastrukturen, dat sinn awer parallell derzou och Servicer an Hëllefleeschtinge fir d'Leit doheem. Soulaang d'Leit doheem eleng oder an der Famill kënne betreit ginn an doheem eleng eegestänneg hiert Liewe kënne féieren, solle mer dat och als eng vun de Pisten opzezeichnen, deene mer sollen nogoen an déi mer solle méiglech maachen.

Gläichzäiteg wëll ech och nach eng kéier ënnersträichen, datt Projete wéi deen, iwwert dee mer elo grad diskutéieren, awer och aner Servicer, déi ugebuede ginn, sécherlech derzou bäidroen, datt ëmmer méi Leit hei am Land hire Liewensowend an Dignitéit kënne verbréngen. Dat ass eppes, mengen ech, wat vu jiddwerengem hei am Haus nëmme ka begréisst ginn.

Här President souwäit ech dat konnt novollzéien, hate mer hei am Haus ëmmer Unanimitéit bei Projete wéi deem vun haut. Dëst, well jiddweree vun der Noutwendegkeet vun esou Institutiounen iwwerzeegt war an ass. Mir sollten awer selbstverständlech, wéi virdru scho gesot, virufueren ze kucken, wat an deene Servicer wéi d'Aide à domicile, wéi Betreit Wunnen, wéi Seniorewunn-gemeinschaft nach ka gemaach ginn, fir d'Liewe vun deenen eelere Leit, déi emol méi oder och manner op Hëllef ugewise sinn, méi einfach a méi liewenswäert ze maachen.

Mir sollte kucken, fir parallell zum Opbau vu modernen a performante Strukturen dës Hëllef weiderzeentwéckelen, virun ausbauen an och vun de Kenntnisser ze profitéieren, déi et an deem Domän am Ausland gëtt.

Ofschléissend, Här President, wëll ech dem Rapporteur, dem Kolleeg Jean-Paul Schaaf, Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport an den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Etgen. Den honorabelen Här Schneider, wann ech gelift.

» M. Romain Schneider (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif ufänke mat deem, mat deem de Fernand Etgen opgehalen huet, a fir d'éischt dem Rapporteur, dem Jean-Paul Schaaf, e grouse Merci soe fir säi schrëftlechen a virun allem och säi mëndleche Rapport, wou en net nëmmen op d'Gebai u sech, mä awer och op d'Philosophie vun der Betreuung an dëser Maison de soins zu Veianen agaang ass.

Déi nei Maison de soins, déi also op dem Terrain vun der fréierer Electrolux - op engem Deel dervun - zu Veianen wäert stoe kommen, ass ee weidere Schrëtt, e weidere Puzzle, mengen ech, an der Kreatioun vun Haiser an der Betreuung vun eeleren, vu kranke Leit. Et ass vill an deene leschte Jore geschitt. De Jean-Paul Schaaf an och de Fernand Etgen hunn eng Rei vun dëse Projeten opgezielt.

Dat ass och gutt esou, well mir alleguer wëssen aus dem Familljekrees, awer och aus dem noen Ëmfeld, datt mer ganz dacks d'Situatiounen hatten, datt d'Leit op eemol séier hu missen aus der Klinik eraus an hu missen an d'Fleeg goen, an da ganz dacks souguer hu missen am Ausland eng Plaz sichen. Dat sinn net ganz agréabel Momenter. Ech hu se selwer erlieft, dofir weess ech wouvun ech schwätzen.

Dofir ass et gutt, datt an deene leschte Joren honnerte vu Better kreéiert goufen, fir eng korrekt, eng gutt Fleeg ze maachen, an an engems, mengen ech och, an d'Zukunft gekuckt gëtt an och déi Prise en charge adéquate niewent enger gewësser Autonomie, déi soll bestoe bleiwen, sech an dee-

nen neien Haiser erëmfënnt. Och dat fënnt sech an deem neien Haus hei zu Veianen erëm, wou 72 Better an derniewent och e Foyer du jour vun zwielef Leit wäert entstoen, fir also eng gutt Betreiung och am ieweschten Deel vum Norde vum Land ze garantéieren an nei Plazen ze aménagéieren.

De Käschtepunkt dervun, wou de Stat jo 70% dréit, dee sech fir de Stat also op ongeféier 12,9 Milliounen Euro beleeft, ass ee Käschtepunkt, dee gutt investéiert ass an d'Betreiung vun eisen eelere Leit.

Déi Froen, déi opgeheit sinn, erlaabe mir och zum Schluss ze kommen, well dat Meescht, wat den technesche Volet ubetrëfft, säitens vum Rapporteur gesot ginn ass. Et sinn déi zwou Froen effektiv:

Éischstens: Wat geschitt ma deem fréiere Klouschter a Veianen selwer?

An dann zweetens eng Fro, op déi allerdéngs schonn de Jean-Paul Schaaf selwer geäntwert huet: Wat geschitt mat de Raimlechkeeten um sougenannte Sanatorium? Do mengen ech kann an Zukunft, wéi gesot, nach e bëssen eng Reserv gehale ginn, fir also och nach wirklech e Puffer ze hunn, wa wirklech an Zukunft dréngend Fäll gebraucht ginn.

Mä et kéint een eventuell eng éischt Äntwert, wa se do läit, op virun allem déi éischt Fro stellen, wat mat deene Raimlechkeeten am fréiere Klouschter a Veianen selwer geschitt.

Soss derbäi ze soen, mengen ech: Et ass esou, datt dëse Projet, wéi och all déi aner Projeten, déi am Kader vun der Kreatioun vu Fleegebetter geleescht goufen, vun eiser Fraktioun, der LSAP, ënnerstëtzt gëtt an dofir och eisen Accord wäert fannen.

Ech soe Merci.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Schneider. D'Madame Minister Marie-Josée Jacobs, Responsabel fir de Projet iwwert d'Maison de soins vu Veianen, huet elo d'Wuert.

» Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat geet jo hei mat 200 à l'heure. Ech géif wëlle fir d'éischt hei dem Jean-Paul Schaaf e grouse Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, deen e gemaach huet an deen och dofir all deenen anere Riedner a mir selwer et méi einfach mécht a mir net brauchen nach laang eng kéier alles vu vir bis hannen ze erklären. Dat wor esou explizit.

Ech denke virun allem, datt et haut fir d'Stad Veianen a fir hir Awunner...

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

...eng grouss Freed ass, datt se wëssen, datt dee Projet gestëmmt gouf. Mir hatten d'Geleeënheet e virun engem Mount oder sechs Wochen zu Veianen ze presentéieren, a wou eng ganz grouss Demande do war vun de Leit, fir kënne do eranzekommen, wou mer awer gesot hunn: Elo ass et emol eréischt en Avant-projet an elo muss fir d'éischt nach de Projet gestëmmt ginn, da muss e gebaut ginn, an da kënnt Der eréischt erakommen. Et ass also net fir iwwermuer, wou een elo kann zu Veianen an déi nei Maison de soins goen.

E ganz schéine Projet, wann een e gesäit, an Dir hutt en an Ärem Dossier dran. A wou mer wirklech och ëmmer erëm bei all deenen neie Projeten, déi kommen, ob dat Servior ass oder ob dat déi aner Träger sinn, kucken, datt och deenen neisten Erkenntnisser selbstverständlech och aus dem Ausland Rechnung gedroe gëtt, wat d'Innenleben ubelaangt. An do ass et ewell richtig, wat den Här Etgen gesot hat, datt et net nëmmen duergeet, datt een d'Mauern huet, mä datt een och muss kucke wat bannendra geschitt, an datt et och net nëmmen duergeet, fir Haiser ze bauen, mä datt een och muss déi Servicer, déi niewendrun alleguer bestinn, kucken.

Wann ee gesäit wiwill Autoen duerch d'Lëtzebuerger Land fuere vun all deene Servicer, vun Hëllef Doheem, vun HELP a vun all deenen Organisatiounen, da gesäit een, datt sech do och Enormes gedoen huet an deene leschte Joren, a wou een och wirklech e Changement an der Mentalitéit vu de Leit gesäit, déi éischter nach wëllen an deenen nächste Joren an enger Zwëschene-tapp an ee Logement encadré goen an duerno dann éischter an eng Maison de soins, wéi dat an deene vergaange Joren de Fall war.

Dofir mussen och alleguerten déi Servicer mat ausgebaut ginn an och mat ënnerstëtzt

ginn. Ech denken, datt mer, souwäit wéi dat an eise Méiglechkeete war, an deene leschte Joren deem Rechnung gedroen hunn. Mir hunn zu Lëtzebuerg méi Better elo ewell, prozentual gesinn, wéi soss iergende Land der huet. Mir hunn awer nach ëmmer méi Nofro. Dat erkläert sech natierlech doraus, datt mer op där enger Säit eng generéis Assurance dépendance hunn, op där anerer Säit och den Accueil gérontologique, fir déi Leit, déi sech et net kënne leeschten, fir an esou Haiser kënne ze goe mat hirer Penssioun. Vun do, mengen ech, datt dat och richtig ass, datt mer eis alleguerten déi Méiglechkeeten opgemaach hunn.

Ech denken awer och, datt dat, wat ronderëm ass - an dofir sinn ech och frou, datt de Buergermeeschter vu Wolz elo grad geschwat huet -, dass mer och amgaang sinn en neie Club senior zu Wolz ze grënnen, d'nächst Joer hiert grousst schéint neit Haus wäert opgoen an domadder wirklech...

De Jean-Paul Schaff huet déi opgezielt, déi do uewen am Norde sinn, mä iwwert d'Land hu mer dat selbstverständlech gemaach. Et ass net nëmmen am Norden, wou esou vill där Haiser gebaut si ginn, mä si si generell iwwert d'Lëtzebuerger Land. Dofir héiert Der och haut net méi déi Kritiken, déi et virun enger Rei vu Jore goufen, wa Leit op eng Plaz gewaart hunn.

Op déi Froen, wat mat deenen zwee aneren Haiser géif geschéien, ass déi éischt wat dat Haus ass, wat ëmmer nach de Sanatorium heescht. Do ass et esou, datt mer, wéi gesot, et jo nach déi nächste Joren net brauchen, well dat anert Haus och net fäerdeg ass, mä awer och dann duerno kucke wéi wäit datt een dat nach virun dofir ka gebrauchen.

Wat de CIPA am Zentrum vu Veianen ubelaangt, soubal wéi mer woussten, datt mer hei op deen heite Wee géife goen, hu mer der Domäneverwaltung - well dat si si, deenen déi Haiser gehéieren; et ass net Servior, deem dat Haus gehéiert, mä dem Stat, wou et gehéiert - gemellt, datt mer dat Haus an absehbare Zäit net méi géife brauchen an datt elo gekuckt gëtt, wat kann dra kommen op touristeschem, op kulturellem oder op wéi engem Plang. Mä op jidde Fall ass et ganz kloer, datt dat net méi ka virun dann nach genotzt ginn als Centre intégré, well et awer haut net méi deene Konditiounen entsprécht vu Komfort, déi mer mëttelweil gewinnt sinn an deene verschiddenen Haiser.

Ech wëll awer just soen, datt d'Mauern - an dat ass hei gesot ginn - net alles ausmaachen. Mir hunn eng ganz Partie vu Leit, déi an Zwëschenzäit emol kënne jo oder wieselen. Fréier duerft een dat jo net. Wann een dann an engem Haus war, huet ee mussen do bleiwen. Haut kann een och wiesselen à l'intérieur vun deene verschiddenen Haiser vu Servior. An ech mierke ganz dacks, datt Leit, déi op Veianen kommen, och wa se aus der Stad sinn oder wa se vun Esch sinn, nach d'Méiglechkeet géife kréien, fir kënne méi no bái ze kommen, dat net wëllen, well se sech esou gutt do spieren a well se fannen, datt se esou gutt do versuergt sinn, datt se léiwer géifen do bleiwen, och wann dat fir hir Familljen heiansdo méi kompliziert ass.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, géif ech wirklech jiddwerengem wëlle Merci soen, dee gehollef huet derzou bäidroen, datt mer och dee Projet elo nach hei gestëmmt kréien. An ech sinn dervun iwwerzeegt, dat en hëlleft och deene Leit vu Veianen an do aus der Ëmgegend, dass se kënne ënnert deeneselwechte gudde Konditiounen opgeholl gi wéi anerer.

Merci villmools.

» M. le Président.- Merci, Madame Minister.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Mir kommen zur Ofstëmmung. De Vote fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss. Madame Minister, Äre Projet ass mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par M. Lucien Thiel), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Marc Spautz), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber (par Mme Nancy Arendt), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sonnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. John Castegnaro), Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Punkt vum Ordre du jour. Dat ass deen iwwert de Cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes. De Rapporteur ass hei den honorabelen Här Clement, an deen huet och elo d'Wuert.

5. 5984 - Projet de loi modifiant la loi du 30 juin 2004 portant création d'un cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes

Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement

» M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, mir adaptéiere mat dësem Gesetzestext, deen de Mëtzelstandsminister Fernand Boden den 28. Januar 2009 hei an der Chamber déposéiert huet, d'Kadergesetz fir de Lëtzebuerger Mëtzelstand aus dem Joer 2004, an dat op zwee prezise Punkten.

Agangs wëll ech awer ënnersträichen, datt dat Kadergesetz eng ganz grouss Wichtegkeet huet fir de Lëtzebuerger Mëtzelstand, well et deene Kleng- a Mëtzelbetriber et méiglech mécht, fir sech permanent der technescher an der wirtschaftlecher Entwécklung unzepassen, an deemno och fir méi konkurrenzfähg ze gi respektiv méi konkurrenzfähg ze bleiwen, hei zu Lëtzebuerg, awer och an der Groussregioun.

Konkret geet et am virleienden Text drëms d'Artikelen 2 a 7 aus dem 2004er Gesetz ofzeännen. Ech erënneren drun, datt den aktuellen Artikel 2 d'Bäihellefe fir korporell an net korporell Investissementer, wéi zum Beispill Breveten a Lizenzen, virgesäit. D'Intensité brute maximale vun den Hëllef läit momentan bei 7,5% fir Kleng- a Mëtzelbetriber a bei 15% fir déi kleng Betriber.

Duerch de virleiende Gesetzestext ginn d'Plaffonge vun dësen Hëllef an d'Luucht geschrauft op maximal 10% fir PMEen, an op 20% fir déi kleng Betriber. Et handelt sech heibäi ëm eng dach substanzuell Hausse, déi sécherlech positiv Auswierkungen op d'Grënnung an d>Weiderentwécklung, zur Produktivitéit vun eise Kleng- a Mëtzelbetriber wäert hunn. Et ass och e wichtegt Zeeche säitens der Regierung un d'Betriber, fir dach awer weider ze investéieren, fir weider ze moderniséieren, virun allem an Zäite vun enger wirtschaftlecher Schiflag, esou wéi mer se haut kennen.

Här President, et gëtt och eng Zäit no der Kris, an dann hunn déi Betriber d'Nues vir, déi kee Stëllstand hatten an déi och weider investéiert hatten, an dofir dann och besser opgestallt sinn, wann et drop ukënnt. Stëllstand ass gläichzestelle mat engem gewësse Réckschrëtt.

Deen aneren Artikel, deen ofgeännert ginn ass, wéi ech schonns virdru gesot hunn, ass

den Artikel 7. Mat him gouf am Joer 2004 en neie Regime vun Aiden agefouert, deen um Plan communautaire Regime vun de Minimis genannt gëtt. Dat ass e Regime vun Hëllef, déi kënnen accordéiert ginn, fir Investissementer vun Entreprises, déi net ënnert déi aner Kritäre vum 2000er Gesetz fallen; ënnert der Konditioun awer, datt dës Hëllef net méi héich wéi 100.000 Euro iwwer dräi Joer sinn. Duerch de virleiende Gesetzestext gëtt dës Plaffong vun dësen Hëllef verduebelt: vun 100.000 op 200.000 Euro.

All dës Adaptatiounen no uewe konnt d'Regierung awer net mir näischt, dir näischt décidéieren. Se sinn nëmme méiglech ginn, well d'Europäesch Kommissioun déi deem-entsprechend Reglementer dann och vir- drun ugepasst hat. Esou konnten duerch d'Reglement 800/2008 vum 6. August 2008 maximal Tauxe fir korporell an net korporell Investissementer eropgesat ginn. D'Verdueblung vum Plaffong beim Régime d'aide de minimis ass duerch d'Reglement 1998/2006 vum 15. Dezember erméiglecht ginn.

De Käschtepunkt vun dësen Adaptatiounen beleeft sech fir den Exercice 2009 op 10.850.000 Euro. Par rapport zu 2008 ass dat eng Steigerung vun 1,150 Milliounen Euro. Op laang Siicht gekuckt, gëtt trotz der aktueller Kris mat enger jährecher Hausse vum Käschtepunkt vun 2 Milliounen Euro gerechent.

Ech hoffen, Här President, vu datt dës Chiffere sech op Donnéeën aus deene vergaangene Jore baséieren, datt dës Suen dann och opgebraucht ginn. Wier dat de Fall - an dat, Här President, wär mäi Wonsch -, da kënne mer all trotz allem méi optimisteschen an d'Zukunft kucken.

Nach ee Wuert zu den Avisé vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers. Si begrëssen alle béid de virleiende Gesetzestext a si sécher, datt d'Erhéijung vun de verschiddene Bähëllef sech favorabel op d'Kreatioun, den Développement an d'Produktivitéit vun eisen Entreprises auswierke wäert.

Des Weidere si si der Meenung, datt iwwert dës Wee och séchergestallt gëtt, datt d'Kompetitivitéit par rapport zum Ausland dann och erhale bleift. Si wënsche sech par contre, dass zukünfteg Haussen net méi iwwert de beschwéierleche Wee vun engem Projet de loi ëmgesat ginn, mä a Form vun deem Règlement grand-ducal.

Dës Approche allerdéngs, Här President, gëtt par contre guer net vum Statsrot gedeelt, deen a sengem Avis d'Auteurs vum Projet de loi félicitéiert, dass se den Observatiounen aus sengem Avis vun 2004 Rechnung gedroen hunn, andeems se virgesinn hunn, déi betreffen Artikelen am Gesetz selwer unzepassen. Ech wëll drun erënneren, datt de Statsrot am Kader vum Projet de loi 5148 eng Opposition formelle ausgeschwat hat, well deemools virgesi war, datt maximal Bähëllef iwwer Règlement grand-ducal kéinten ugepasst ginn.

Ausser enger Faute de frappe an enger neier Formulatioun vum Article unique hat de Statsrot keng weider Beanstandung zum Projet de loi ze maachen, a gëtt deemno och säin Accord zu deenen zwou Modifikatiounen vum Kadergesetz fir de Lëtzebuerger Mëttelstand aus dem Joer 2004; genee wéi dat d'CSV dann och mécht.

Ech hoffen och heibannen op eng breet Zoustëmmung fir dës Projet de loi a soe Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Clement. Den honorabelen Här Etgen huet d'Wuert gefrot.

Discussion générale

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem virleienden Text gëtt de Kader fir d'Hëllef fir Kleng- a Mëttelbetriber ofgeännert respektiv d'Tauxe ginn eropgesat. D'Demokratesch Partei begrëisst dës Projet ausdrécklech.

Grad elo a wirtschaftlech schwieerege Zäiten ass et wichteg, den Entreprisë verstärkt Ureizer ze ginn, fir ze investéieren. Wie grad elo an der Kris investéiert,

dee wäert no der Kris besser do stoe wéi virun der Kris. Dëst, an doranner besteet heibanne Konsens, muss d'Hauptzil vun eiser Anti-Krise-Politik sinn, nämlech datt eist Land, eis Wirtschaft, eis Betriber aus dëser Kris gestärkt eraus ginn. Nëmme wa mir dëst Zil erreechen, hu mer eng erfollegräich Anti-Krise-Politik gemaach. Alles anescht-ers wär méi wéi fatal fir d'Zukunft vun eisem Land.

De Rapporteur ass a sengem mëndleche Virtrag en détail op déi eenzel Aspekter vum Projet de loi agaangen. Et ass d'fir net néideg nach eng kéier drop anzegoen. Ech wëll just kuerz umierken, datt d'Richtung vum Projet an eisen Aen absolut richtig ass. Et ass richtig, datt d'Fördertaxe bei Investitiounen an déi minimal Betrag fir déi Entreprises, déi net de Kritären entsprechen, eropgesat ginn. Heimat gi mer den Entreprises eng wirklech Opportunitéit, fir ze investéieren.

D'Eropsetze vun den Tauxen ass noutwendeg, well och kleng a mëttelgrouss Betriber haut oft grouss Montantë mussen opbréngen, wa si wëllen an d'Zukunft vun hirem Betrib investéieren. An deem Sënn ass et richtig, datt eng Upassung vun de Kritäre vun 2001 virgeholl gëtt.

Här President, ech wëll kuerz op d'Wichtigkeet vun de Kleng- a Mëttelbetriber fir eis Economie agoen. Vun ongeféier 28.000 zu Lëtzebuerg ugesiedelte Betriber falen der ronn 20.000 ënnert de Begrëff Kleng- a Mëttelbetriber. Dat si ronn 71% vun der aktiver Bevölkerung. Vun 220.000 Leit schaffen der ronn 150.000 an dës Betriber, knapp 68%.

Dës puer Zuelen ënnersträichen, datt de Mëttelstand mat Ofstand dee wichtigste Piller vun eiser Wirtschaft duerstellt. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, datt dës Secteur ee Kader virfënn, an deem hie kann evoluéieren an an deem hie konkurrenzfähig bleift.

Obwuel, wéi schonns ugedeit, de Secteur vum Mëttelstand extrem wichteg fir eis Economie ass, gouf en dach vun dëser Regierung oft genuch am Ree stoe gelooss. Bis haut ass nach net vill vun den Entfesselungskénschte vum zoustännegen Minister um Terrain bei den Entreprises ukomm.

(Interruption et brouhaha)

Wat fir eng Bedeutung dem Mëttelstand net nëmme fir eis Wirtschaft, mä allgemeng zougeschriwwen gëtt, gesäit een, wann ee sech beispillsweis um Niveau vun der Europäescher Unioun ëmkuckt.

D'EU huet an hirer Lissabon-Strategie ee ganz grouse Volet, dee speziell op de Mëttelstand ausgeriicht ass.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Aus gud-dem Grond! Ronn 99% vun allen europäesche Betriber si Kleng- a Mëttelbetriber. Si beschäftege ronn 75 Milliounen Leit. Dës kleng a mëttelgrouss Betriber sinn also déi eigentlech Gigante vun der europäescher Wirtschaft.

An den USA hu se virun e puer Joer aus ähnlechen Iwwerleeungen an Erkenntnisser eraus den „small business act“ an d'Liewe geruff. Ee legislative Kader, mat deem virun allem déi Kleng- a Mëttelbetriber sollte gezielt ënnerstëtzt ginn. Zum Beispill bei öffentlichen Ausschreibungen.

(Interruption)

Här President, d'DP plädéiert net nëmme fir eng Politik, déi der Wichtigkeet vum Mëttelstand Rechnung dréit, mä déi virun allem den Effort an den Engagement vun dëse Leit honoréiert, déi ee groussen Deel zu eisem Wuelstand an deem staarke Wirtschaftswuesstum aus deene leschte Jore bäigedroen hunn.

D'DP ass fest dervun iwwerzeegt, datt de Mëttelstand och an Zukunft ee wichtige Piller vun eiser Economie wäert bleiwen an datt grad de Mëttelstand déi Plaz ass, wou hei am Land nach vill Aarbechtsplaze geschaf kënne ginn. An et ass och de Mëttelstand, wou Furschung, Recherche an Innovatioun groussgeschriwwen ginn.

Et ass un der Politik fir ee Kader ze schafen, deen et dem Mëttelstand erlaabt, dës Ziler ëmzesetzen. Net d'Politik schafft d'Aarbechtsplazen, mä d'Betriber. An dofir ass et fir d'Demokratesch Partei kloer, datt mir eisen Entreprises, a ganz besonnesch deene klengen a mëttelstännegen Entreprises, een Ëmfeld musse bidden, dat hinnen et erlaabt, sech optimal ze entfalen an dat si an hirer Entwécklung ënnerstëtzt.

Et ass am Mëttelstand wou déi meeschten Aarbechtsplaze geschaf ginn. Eleng an deene leschten zéng Joer ronn 40.000. Et ass de Mëttelstand, deen innovéiert an ausbitt an esou eiser Jugend eng gesécherter beruflech Perspektiv bitt.

(Interruption)

Et ass de Mëttelstand, dee sech oft...

» **M. le Président.** - Ech géif bieden eisem Här Etgen nozelauschtere bei sengen Ausféierungen!

(Interruptions)

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Et ass de Mëttelstand, dee sech oft als kriseresistent erweist an och a wirtschaftlech méi schwieerege Zäite stabil bleift. Wann och oft zum Präis vun immensen Efforte vun deene Betraffenen, vun de Patronen an hire Mataarbechter.

D'DP ass dervun iwwerzeegt, datt eng konsequent, op d'Zukunft ausgeriichte Mëttelstandspolitik och d'Chancë muss notzen, déi sech am Beräich vun den Ëmwelttechnologien bidden. An dësem Beräich sinn niewent sécheren Aarbechtsplazen och exzellente Wuesstumschancen ze erwaarden.

D'Efforte vum Wirtschaftsministère mussen een neien Élan kréien an an ee Gesamtkonzept zesumme mat dem Mëttelstands-, dem Landwirtschafts-, dem Héichschoul- an dem Ëmweltministère agebett ginn.

Dernieft ass d'Demokratesch Partei dervun iwwerzeegt, datt eng konsequent Albausänerung an ee Programm fir méi energieeffizient Bauen oder alternativ Heiz- an Energiequellen, kombinéiert mat neie moderne Finanzéierungsinstrumenter kann dozou bäidroen, d'Existenz...

(Coups de cloche de la Présidence)

» **M. le Président.** - Dir Dammen an Dir Hären, ech géif awer bieden! Mir sinn hei net an enger Poterstuff an och net an enger Telefonskabinn.

(Hilarité)

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Villmools Merci, Här President.

...kann dozou bäidroen, d'Existenz vum Lëtzebuerger Mëttelstand mëttelfristeg ofzesécheren.

Dës Virschléi an Iddien wäerten net nëmmen d'Opdragslag vu ville mëttelstännegen Entreprises iwwert d'Jore positiv beaflossen, mä och bestehend Aarbechtsplaze sécheren an derzou bäidroen, nei Aarbechtsplazen ze schafen.

Här President, ech wëll awer net nëmmen de Minister fir seng passiv Haltung kritiséieren, mä villméi all deene félicitéieren, déi de Schrëtt an d'Eegestännegkeet gewot hunn an nach woe wäerten.

Ech wëll deene mäi Respekt ausdrécken, déi de Courage fonnt hunn, eng eegen Entreprise op d'Been ze setzen an déi Dag fir Dag hire Mann oder hir Fra um Terrain stinn.

D'Patrone vun de Kleng- a Mëttelbetriber si Leit, déi sech mat hirem eegene Kapital, oft och mat anere Familljememberen zesummen, ganz staark engagéiere fir Aarbechtsplazen ze schafen a fir esou ee Bäitrag zu eisem Wuelstand ze leeschten.

Fir dësen Asaz verdénge si eis Unerkennung an eise volle Respekt. Si hätten et verdéngt, datt d'Politik sech ëm si an hir Entreprisë géif këmmen, datt si hinne géif ee Kader schafen, an deem si zesumme mat hire Betriber an hire Mataarbechter kéinten evoluéieren.

Ofschléissend, Här President, wëll ech dem Rapporteur, dem Här Lucien Clement, awer nach Merci soe fir säin exzellente schrëftlechen a säin detailléierte mëndleche Rapport an den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Etgen. Jo, d'Madame Dall'Agnol.

» **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).** - Merci, Här President, fir d'Wuert.

Nodeem de Rapporteur an och mä Virriedner schonn dat meescht gesot hunn an op all Detail agaange sinn, wëilt ech just nach kuerz e puer Remarqué maachen. An zwar, datt et an der aktueller Wirtschaftskris besonnesch wichteg ass, datt och Kleng- a Mëttelbetriber weider ënnert d'Äerm gegräff kréien. An den nationale Législateur, mir also, sollen d'Méiglechkeeten, wou d'EU am Beräich vun de Bähëllef nach opléisst, och ausnotzen.

An dofir ass et och gutt, dass och an der Loi-cadre vun 2004 iwwert d'Classes moyennes d'Tauxen un de reglementaresche Kader vun der EU ugepasst goufen. Laut Fiche financière mécht dat mëttelfristeg ëmmerhi ronn 2 Milliounen Euro pro Joer zousätzlech aus fir Kleng-, mä awer och Mëttelbetriber aus dem Handwerk.

All Betrib, all Aarbechtsplaz an all Léierstell, wou op déi Manéier kënnen ofgesécher ginn oder nei geschaf och ginn, si méi wéi gutt investéiert Geld. Soulaang wéi d'Konkurrenz doduerch natierlech net iwwert d'Moosse verfälscht gëtt.

Et sief awer och drun erënnert, datt de Wirtschaftsminister Jeannot Krecké dës Schratt schonn am leschte Joer mam Gesetzesprojet 5910 gemaach huet, deen d'Gesetz vum 27. Juli '93 iwwert d'wirtschaftlech Entwécklung an d'Diversifikatioun ofgeännert huet. An dat Gesetz hu mer dann d'lescht Joer den 19. November och hei an der Chamber scho gestëmmt.

Et sief awer och drun erënnert, dass mer am Kader vum Anti-Krise-Pak och nach eng kéier zwee Gesetzter wäerten hei an d'Chamber kréien, fir speziell deenen Entreprises ze hëllef, déi eben duerch d'Kris Problemer kritt hunn, notament fir Kreditor ze kréien. An ee Gesetz, wat de gesamte Bähëlleferegime am Beräich vun der Furschung, der Entwécklung, mä awer och der Innovatioun reforméiert.

Ech soen dat hei, well all déi Gesetzter op d'mannst zwou Gemeinsamkeiten hunn: Se baséieren éischtens all op den Artikelen 87 an 88 vum Traité vun der Europäescher Gemeinschaft, mä virun allem hu se ee gemeinsame Beréierungspunkt, an dat sinn d'Anticumulbestëmmungen duerch déi asuréiert gëtt, dass ee Betrib, och wann e vu verschiddene Bähëllef profitéiert, ënnert dem Strich net iwwert d'Limité kënn wou d'EU festgesat huet.

An dat gesot, géif ech profitéiere fir den Accord ze gi vun der sozialistescher Fraktioun, natierlech net ouni dem Rapporteur Mercier ze soe fir seng exzellente Aarbecht an lech, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Nolauschteren.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Dall'Agnol. Wëllt nach soss een d'Wuert huelen? Här Henckes.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn, wann een déi lescht Zuele vum Statsrot kuckt, hei zu Lëtzebuerg eng 26.600 Betriber. Dovunner hunn der 150 iwwer 250 Mataarbechter, 1.800 ënner 50, zwëschen 10 a 50, 5.000 manner wéi 10 an 11.600 sinn ouni Mataarbechter.

(Dérangement dû à des interférences sonores)

D'PMEE stellen...

» **M. le Président.** - Ech hat geduecht, mir hätten d'Telefonen ausgeschalt, well ech gesot hat, datt mer hei net an enger Telefonskabinn sinn.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - D'PMEE stelle 60,5% vun deene Leit duer, déi am private Secteur schaffen. Et ass dofir wichteg, datt een eng konsequent Politik am Intérêt vum Mëttelstand mécht, well hien ass deen, deen déi meeschten Aarbechtsplaze schafft, während d'Groussindustrie haapt-sächlech an dësem Ablack Aarbechtsplazen ofschafft.

Et ass och vum Rapporteur, deem ech Merci soe fir säi ganz treffenden a präzise Bericht, deen huet och drop higewisen, datt de Conseil d'État sech dergéint ausgeschwat huet, datt iwwer e Règlement grand-ducal dee Montant, dee mer haut diskutéieren, datt dee kann adaptéiert ginn iwwert dee Wee.

Do muss ee sech heiansdo froen, wou eng gewësse Logik beim Conseil d'État ass, well en erlaabt datselwecht, datt zum Beispill bei de Marchés publics, fir ze wëssen, wat fir eng Marchéë kënnen oder mussen um europäeschen Niveau ausgeschriwwen ginn, dat geschitt regelméisseg iwwer Règlement grand-ducal, an dat mam Accord vum Statsrot. Ech mengen, do wär et heiansdo gutt, wa si géifen e bësse matenaner schwätzen.

Datselwecht géif ech och der Regierung un d'Häerz leeën. Fir mech gesinn ech, vläicht sinn ech do e bëssen naiv do dran, mä ech mengen awer, datt eng Regierung sollt eng kohärent Politik maachen a kucken, egal wat fir e Ministère et ass, fir derfir ze suergen, datt een déi Kleng- a Mëttelbetriber ënnerstëtzt.

Or ech sinn awer elo, ech hunn awer elo héieren, datt de Ministère des Affaires étrangères wëlle huet elo fir eng Réglementatioun erauszeginn, e Gesetz erauszeginn, datt an Zukunft d'Passfotoen nure méi solle gemaach gi vun de Gemengen an net méi vu private Fotografen.

» **Plusieurs voix.**- Aaahh!

» **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- An dofir wollt ech elo d'Regierung froen, wat et domadder ze dinn huet, well dat ass wierklech eng Aart a Weis wéi ee géint Kleng- a Mëttelbetriber virgeet. An dofir ass et wichteg, datt dann awer och eng Kohärenz an der Regierungspolitik geschitt an datt op jiddwer Fall dee Projet do fale gelooss gëtt.

» **Une voix.**- Sou ass et!

» **M. Jacques-Yves Henckes** (*ADR*).- Dat ass nämlech dat, wat ee misst maachen.

Wat de Gesetzesprojet selwer ugeet hei, do ass et evident, datt mer just nuren e Reglement vun der Europäescher Kommissioun haut ëmsetzen.

Et ass interessant, datt elo bis 200.000 Euro, dat gëtt als de minimis ugesinn, wann e Subsid ausgedeelt gëtt. Dat ass en zimlech héije Montant, an et ass en fait eng Adaptation indicière, wann een esou kënnt soen, un dee Montant, dee virdu bestanen huet. En ass net aus der Kris entstanen, mä et ass eng normal Adaptatioun.

A wann de Minister mer dat ka soen, wollt ech just nure froen: Wéi vill Betriber profitéiere vun esou Moossnamen, déi hei also als de minimis ugesi gëtt?

Dat gesot wollt ech awer den Accord vun der ADR-Grupp zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

» **Une voix.**- Très bien!

» **M. le Président.**- Merci, Här Henckes. Den honorabelen Här Jaerling als leschte Riedner.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Merci, Här President. Ech mengen, e Projet, dee Mëttel- a Klengbetriber soll ënnerstëtzen, dee kann een och nëmme vun hei aus ënnerstëtzen.

Jiddweree vun eis alleguer huet awer an deene leschten Deeg e ganze Pak Bréiwer kritt vu Mataarbechter aus Fotostudioen, déi draschreiven: Hunn ech am Hierscht nach eng Aarbecht?

An dat ass dorophin hinfeféieren, dass effektiv d'Regierung wëlles huet, d'Ofliichte vun de Passfotoen, déi elo vun de Fotostudioen exzellent ausgefouert gi sinn, de Gemengen ze iwwerdreien an domadder de Fotostudioen awer eng kloer Existenzbedréiung mat an d'Haus bréngt. Well Passfotoen ass, wann ech richtig informéiert sinn, iwwer 30% vum Budget, also vum Bilan vun de Fotostudioen, an et ass einfach onverständlech, wisou dass esou Moossname geholl ginn, wou ganz kloer gewosst ass, dass Fotostudioen domadder eng Rei vun hinnen awer wäerte Faillite maachen.

An ech gesinn et och ganz kloer, ëmmer, et ass ganz oft schonn hei geschwat gi vu Concurrence déloyale, an elo ass et hei d'Concurrence déloyale, déi vum Stat aus vis-à-vis vu Mëttel- a Klengbetriber gemaach gëtt, an dat ass einfach onverantwortlech.

An ech hu schonn den 21. dëses Mounts eng Question parlementaire un déi zoustänneg Ministere gericht, fir Kloecheit ze kréien, ob dat dann och elo esou ass, wat dobause gemengt gëtt. Ob et effektiv esou ass, dass d'Passfotoen net méi vun de Fotostudioe gemaach ginn, mä vun de Gemengen.

Mä, esou wéi de Minister mer elo net nolauschtert, wäert en och de Fotostudioen net nolauschteren!

(*Interruption*)

Sou dass déi Leit nach wäerte laang musen op eng Äntwert waarden, mä op jidde Fall...

(*Interruption*)

Wann ech gelift? Gelift?

» **M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Dir musst deem responsabele Minister dat soen!

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Also ech... Also dat do héieren ech jo elo scho länger hei, vun dass ech hei sinn.

» **Une voix.**- Ma ja!

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- D'Regierung huet eng kollektiv Responsabilitéit.

(*Brouhaha*)

An d'Regierung beriff sech jo ëmmer kollektiv op hire Koalitiounsprogramm, wann

iergendeppes schifgeet. Also schiebt elo net hei d'Verantwortung vun deem, wat der do verbrach hutt, vun engem Minister op deen aneren. Där sidd grad esou verantwortlech als Mëttelstandsminister wéi deen anere Minister.

(*Interruptions diverses*)

Also versicht elo net hei d'Verantwortung op en aneren ze schieben, well Dir hutt och déi Fro vu mir den 21. gestallt kritt, an dann äntwert mer wann ech gelift drop.

(*Interruption*)

» **M. le Président.**- Här Jaerling, Dir musst lech un d'Chamber adresséieren.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Ech huelen un, dass...

(*Hilarité*)

Jo, den Här Minister huet sech jo och u mech adresséiert.

(*Interruptions*)

Bon, op jidde Fall, ech kann lech just eent soen, also am Interesse vun all deene Leit, déi eis Deputéierten elo déi Bréiwer geschriwwen hunn an de leschten Deeg, an ech froen...

» **M. le Président.**- Här Jaerling, et deet mer leed, mä Är Riedezäit ass ofgelaf.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*).- Nach zwou Sekonnen, Här President, an den Här Minister huet mech dauernd ënnerbrach.

(*Hilarité et interruption*)

An ech wëll just soen, ech hoffen, dass déi Bréiwer, déi awer elo déi Leit aus de Fotostudioen un eis gericht hunn, dass déi net ongehéiert bleiwen an dass d'Regierung agesäit, dass se do eng Feelentscheedung getraff huet, déi se ëmmer nach ka réckgängeg maachen. Nach ass et Zäit.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.**- Gutt. Merci, Här Jaerling. Den Här Minister Fernand Boden huet d'Wuert.

» **M. Fernand Boden**, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet ass jo grouss Eestëmmegkeet.

D'Regierung war eens hei, d'Berufschambere sinn d'accord dermat, de Statsrot ass d'accord dermat, hei an der Chamber ass grouss Eestëmmegkeet, ech kann dat nëmme begréissen.

Bei dëser Debatt ass erëm eng Kéier d'Wichtigkeet vun de Klengen- a Mëttelbetriber ervirgestrach ginn. Ech kann dat och nëmmen ënnersträichen. Ech mengen, mir hunn dat oft genuch gesot, datt se d'Reckgrat si vun eiser Wirtschaft; et sinn déi, déi am éischten erëm et fäerdegbréngen, wann de Motor un d'Stocke kënnt, fir deen erëm un d'Rullen ze bréngen.

Si si bedeelegt un der Formatioun vu jonke Leit, a besonnesch, wann déi nächst Leit aus der Schoul kommen, wäerte se eng wichteg Aufgab kréie fir mat derfir ze sueren, datt déi kënnen eng Formatioun ugebuede kréien, an ech sinn iwwerzeegt, datt se och hir Verantwortung do wäerten iwwerhuelen.

Si sinn déi, an et ass och hei zu Recht gesot ginn, déi bei Wäitem am meeschten Aarbechtsplaze schafen.

Dat geet awer nëmmen, dat wëll ech och soen, wann d'Ëmfeld stëmmt. A wann hei gesot gëtt, de Minister, dee géif net vill maachen derfir, do kann ech nëmme soen, datt dat Ëmfeld huet misse gestëmmt hunn, soss wär dat do alles net geschitt, wat mer elo opgezielt hunn a wat Dir och mat Recht opgezielt hutt.

Mir hunn also hei e favorabelt Ëmfeld geschaffen als Regierung an eis Betriber hunn dovunner profitéiert. An ech mengen, dat soll och esou weidergoen.

Ech wëll nëmme just soen, datt mer ënner anerem e Plan d'action PME, deen drëtten, an d'Wee geleet hunn; hu mer hei an der Chamber diskutéiert; huet allgemeng Zoustëmmung fonnt vun den zoustännege Berufskreesser. All déi Moossnamen, déi do virgesi ginn, déi ginn och ëmgesat an doduerch gëtt de Kader nach weider verbessert.

Ech sinn iwwerzeegt, datt och an engem anere Fall, wou den Här Etgen dervu geschwat huet, datt do gutt Aarbecht geleescht ginn ass, an zwar am Beräich vun der Vereinfachung vun der administrativer Vereinfachung, wat d'Betriber ubelaangt.

Ech hat gëschter eng Pressekonferenz, a bei der Pressekonferenz hu mer an enger Brochure virgestallt, wat alles vun deene Moossnamen, déi d'Betriber gäre gehat hätten, am Laf vun de leschte Jore gemaach ginn ass.

Bei der Pressekonferenz war net eleng d'Regierung do, do waren och Vertrieeder do vun der Chambre des Métiers a vun der Chambre de Commerce. Déi hunn alle béid gesot, datt nach a kenger Regierung d'Prioritéit esou staark op Vereinfachung vun der administrativer Belaaschtung vun de Betriber gestallt ginn ass wéi an dëser Regierung. Dat se dat géifen ënnerstëtzen a stäipen, datt elo Neel mat Käpp géife gemaach ginn, an datt mer um richtige Wee wäeren. An datt se géifen hoffen a wënschen, datt et an där nämlecher Richtung géif virugoe mat deem nämlechten Élan.

Dat heescht also, datt d'Betriber, och wann Eenzelner ëmmer nees soe bei hinne wier nach näischt ukomm dovun, datt awer déi, déi matschaffen do an där Plattform vun dem Comité national pour la simplification administrative en faveur des entreprises, an dat si wichteg Vertrieeder vun de Betriber, datt déi gesinn, datt do zolidd Aarbecht geleescht ginn ass, an datt dat, wat alt ëmmer nees hei ënnerstallt gëtt, do wier iwwerhaupt näischt geschitt, datt dat net wouer ass.

Mir hunn d'ailleurs hei an der Chamber den Entfesselungsplang fir Betriber diskutéiert. Ech hunn lech och gesot, wat alles do vu Moossname gemaach ginn ass. Dat war virun zwou Joer, an an deene leschten zwou Joer ass ganz viles weider geschitt. Dat e bëssen als Äntwert zu deem, wat deen een oder deen aneren hei als Reproche un de Mëttelstandsminister gesot huet.

Ech sinn awer, fir op de Projet zrëckzekommen, d'accord mat all deenen déi soen, datt dëse Projet wichteg ass, datt en zum richtige Moment kënnt. Mir wëssen, datt eng Rei vu Betriber Problemer hunn duerch d'Wirtschaftskris, datt et dofir wichteg ass, fir Betriber elo ze encouragéiere fir ze investéieren, an datt déi Betriber déi investéieren, wann d'Kris eriwuer ass, an dat wäert jo kommen, besser opgestallt si fir dann eng Relance ze kréien. Ech sinn iwwerzeegt, datt, esou wéi et gesot ginn ass, déi Kleng- a Mëttelbetriber déi sinn, déi am meeschten dozou bäidroen, datt déi Relance dann och e staarken Élan ka kréien.

Et ass och hei gesot ginn, ech wëll och nach eng Kéier drun erënneren, datt déi Bähëlleftauxen, déi mer elo festgehalen hunn, datt dat déi maximal Tauxe sinn déi vun der EU erlaabt sinn, ouni datt ee muss bei der EU dat notifizéieren. Déi Tauxe sinn, an et ass gesot ginn, ëm en Drëttel an d'Luucht gehuewe ginn. Dat ass relativ vill, a bei der Minimis-Regel ass de Maximalbetrag verduebelt ginn.

Den Här Henckes huet gefrot, ob ech kënnt soe wéi vill Betriber vun der Minimis-Regel kéinte profitéieren. Dat sinn der ganz weindeg, wëll ech soen, well mir e breede Kader hu vu Bähëllefe fir Kleng- a Mëttelbetriber, an déi Minimis-Regel gëtt nëmmen applizéiert, wa Betriber aus deem Kader do erausfalen. Dat heescht, dat si Betriber déi entweder ze grouss sinn, oder déi Saache maachen déi net direkt éligibel sinn. Dat sinn der also ganz weindeg. Duerfir ass dat net dee wichtigste Punkt, mä wichteg ass, datt d'Taux d'aides ëm en Drëttel an d'Luucht gehuewe ginn. Dat encouragéiert d'Betriber fir ze investéieren.

Et ass och gesot ginn, datt dat géif e Käschtepunkt ausmaache vu ron zwou Milliounen Euro. Mir hunn am Budget 2009 1.150.000 scho virgesi gehat, well mer gemengt hunn, dat kéint ëm dës Zäit a Kraaft trieden. Dat misst also duergoe fir dëst Joer. Am normale Regime wäert dat zwou Milliounen Euro Bähëllefen zousätzlech ausmaachen.

Ech sinn och der Meenung, datt déi zwou Milliounen Euro och ausbezuelt wäerte ginn, well mer gesinn - Gott sei Dank, géif ech soen -, datt d'Betriber weiderhi bereet sinn ze investéieren. Déi Kleng- a Mëttelbetriber maachen dat. 2008 hunn déi Kleng- a Mëttelbetriber 128 Milliounen Euro investéiert. Dat sinn der e gutt Stéck weider wéi dat 2007 de Fall war.

De Moie war nach eng Réunioun vun der SNCI, wou och gekuckt ginn ass: Wéi ass et dann elo an den éischte Méint vun 2009 gaangen? An do gesäit een, datt och an den éischte Méint vun 2009 relativ vill vun de Kleng- a Mëttelbetriber investéiert ginn ass. Dat heescht also, et ass nach Vertrauen do, an ech mengen dëst Gesetz wäert hinnen nach méi Courage gi fir ze investéieren a fir also och, wéi gesot, prett ze si fir en neien Élan an en neie Start.

Dann hu mer och versicht am Kader vun den Anti-Krise-Moossnamen, fir de Betriber e bëssen entgéintzekommen. Heiansdo gi Bähëllefen an Tranchen ausbezuelt, wann Zënssubventiounen derbäi sinn. Mir hunn am Budget och zwou Milliounen Euro virgesinn, fir kënnen dëst Joer 2009 zwou Tranchen, heiansdo souguer dräi Tranchë beieenen ze bezuelen, fir eventuell Liquiditéitsproblemer vu Betriber kënnen esou ze iwwerwannen an hinnen do ze hëllefen.

Dat heescht, d'Regierung huet scho proaktiv versicht fir de Betriber elo entgéintzekommen, datt se net a Schwieregkeete kommen, an d'nächst Woch oder d'iwwernächst Woch wäert jo och nach iwwer all déi Moossnamen diskutéiert gi vun dem Plan de conjuncture, wou versicht gëtt och besonnesch de Betriber aus dem Bausecteur, dee jo och hei ugeschwat ginn ass, fir deenen ze hëllefen iwwer öffentlech Opträg, déi beschleunegt ginn, déi virgezu ginn, déi an engem grouse Mooss duerchgezu ginn, fir hinnen esou ze hëllefen, datt d'Optragslag korrekt an uerdentlech bleift a se net musse Leit entloossen, mä datt se kënne weider aktiv schaffen an och Leit beschäftegen.

Wéi gesot, nach eng Kéier Merci all deenen, déi hei dëse Projet ënnerstëtzt hunn, an ech hoffen, datt, wéi dee Projet virdrun, deen hei och eng Eestëmmegkeet hei an der Chamber fënnt.

Merci villmools.

» **M. le Président.**- Merci, Här Minister. Mir stëmmen elo of iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss. De Projet de loi, Här Minister Boden, ass eestëmmeg mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par Mme Christine Doerner), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Norbert Hauptert), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber (par Mme Martine Stein-Mergen), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel (par M. John Castegnaro), Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Romain Schneider), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. Eugène Berger (par M. Fernand Etgen), Xavier Bettel (par Mme Colette Flesch), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Alexandre Krieps) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut, dat ass de Projet de loi 5925 iwwert d'Personal vun de Krankekeesen. De Rapporteur huet elo d'Wuert, dat ass den honorabelen Här Schneider.



6. 5925 - Projet de loi portant modification:

1. de la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations et des juridictions de la sécurité sociale, et

2. de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

3. du Code de la sécurité sociale

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

» M. Romain Schneider (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Ofschloss vun dësem Dag hu mer nach e relativ technesche Projet, deen hei presentéiert gëtt.

De Projet 5925, deen déposéiert gouf den 2. Oktober 2008 an der Chamber hei, wou de 29. Januar déi zoustänneg Chamberskommissioun mech als Rapporteur bestëmmt huet. Mir hunn eng éischte Kéier iwwert dëse Projet de loi gekuckt, an do goufen eng Rei Amendementer gemaach, op déi ech kuerz wëll agoen. Den Avis complémentaire vum Statsrot hu mer dunn den 2. Abrëll 2009 kritt, an dëse Rapport gouf den 23. Abrëll 2009 unanime vun der Chamberskommissioun akzeptéiert.

Wat ass elo den Objet vun dësem Projet de loi? Den Objet ass esou, datt dëse Projet de loi Modifikatioune virgesäit fir de Kader vum Personal vun der Cellule d'Évaluation an d'Orientation vun der IGSS duerch d'Fonc-

tioun vum Médecin directeur a vun der Carrière vum Infirmier gradué ze erhéijen, opgrond vum Volume vun den Dossieren en matière vun der Fleegeversécherung, déi effektiv dës Adaptatiounen néideg gemaach hunn.

Engersäits, wéi gesot, wat de Médecin directeur betrëfft, an awer och wat virun allem d'Qualitéit vun de Servicer an och déi nei Aufgabeberäicher, déi op d'Personal zoukomm sinn, déi op d'Assurance dépendance zoukomm sinn, wat d'Bénéficiaires d'aide an awer och de soins betrëfft, op där anerer Säit. Doduerch also d'Zousazschafung vum Personnel qualifié, an dat duerch eben d'Kreatioun vum Infirmier gradué an dësem Kader.

Déi véier Amendements parlementaires, déi zousätzlech gemaach goufen, nodeem de Projet de loi déposéiert war - an ech ginn nach eng Kéier kuerz driwwer -, si virun allem Amendementer technescher Natur gewiescht.

Deen éischten ass dee fir den Intitulé vum Projet de loi ze compléitéieren, dat duerch Dispositiounen vum Code de la sécurité sociale.

Dat zweet Amendement huet den Artikel 2 compléitéiert. Hei war et esou, datt d'Termë vum „Médecin-conseil“ an déi vum „Médecin-chef de division“ verwieselt gi waren. Och hei gouf eng Rectificatioun gemaach.

Den Amendement dräi inseréiert en neien Artikel 3, an dat virun allem hiwierkend, datt de Statut unique eng Rei vu Changementer gemaach huet an der Compositioun vun de Prestations familiales, awer och vum Conseil arbitral vun den Assurances sociales, awer och vum Conseil supérieur vun den Assurances sociales. Deem gouf am Amendement dräi du Rechnung gedroen.

Den Amendement véier huet Bezuch op den Effet vun dësem Gesetz, awer och virun allem vun enger Rei vun Artikelen aus dësem Gesetz. Hei hu missen Erreurs matérielles erausgeholl ginn, déi eben d'Entrée en vigueur vun eenzelnen Artikelen aus dem Gesetz par rapport och erëm eng Kéier zum Gesetz vum Statut unique kloergestallt hunn.

Wat déi eenzel Avice vun de Chambere betrëfft an och déi vum Statsrot, den Avis complémentaire, hunn d'Chambere engersäits drop higewisen, datt se d'Kreatioun vun der Carrière vum Infirmier gradué begrëissen, an hunn, wat d'Kreatioun vum Grade supérieur vun de Médecins-chefs de division ugeet, eng Rei Froen opgeworf, op déi mer och an der Kommissioun agaange sinn.

Den Avis complémentaire säitens vum Statsrot ass esou gewiescht, datt déi véier Amendementer vun him konnten d'Approbatioun fannen, esou datt mer och an der Chamberskommissioun konnten dëse Projet de rapport à l'unanimité unhuelen, an ech géif an deem Sënn dann och den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, ech denken, dass mer alleguerte kënnen de Konklusioone vum Rapporteur suivéieren, an ech soen him am Numm vun lech alleguerte Merci fir sà Rapport. Ech géif proposéieren, dass mer zum Vote kéimen. Den Här Minister Boden huet d'Wuert.

» M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.- Ech wollt just soen, datt ech hei de Gesondheitsminister wëll entschëllegen, deen e wichtige Conseil um Kierchbiereg huet iwwert d'Schwéngsgripp, an datt ech natierlech a sengem Numm hei och frou sinn, datt dëse Projet eestëmmeg gestëmmt gëtt.

Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Boden. Da komme mer elo zum Vote.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss. De Projet ass ugeholl mat 53 JoStëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doer-

ner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par M. Marcel Oberweis), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Lucien Clement), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Norbert Hauptert), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber (par Mme Martine Stein-Mergen), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel (par M. John Castegnaro), Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Romain Schneider), Jean-Pierre Klein (par M. Roland Schreiner), Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

M. Eugène Berger (par Mme Colette Flesch), Mmes Anne Brasseur, Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Alexandre Krieps) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechte vun haut. Mir gesinn eis d'nächst Woch erëm, dënschdes, mëttwochs moies, mëttwochs mëttes, doneschdes moies an donneschdes mëttes. Dir kënnt lech op eng chargéiert Woch gefaasst maachen. Vill Courage bis dohinner!

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.22 heures)

Sommaire des séances publiques Nos 43, 44, 45 et 46

5883 - Projet de loi modifiant et complétant a) la loi du 25 juillet 2005 portant création d'un lycée-pilote; b) la loi du 12 janvier 2004 portant création d'un établissement d'enseignement secondaire technique à Redange-sur-Attert, dénommé par la suite «Atert-Lycée» pages 508-512

5881B - Projet de loi relative aux pratiques commerciales déloyales et modifiant - la loi modifiée du 30 juillet 2002 réglementant certaines pratiques commerciales, sanctionnant la concurrence déloyale et transposant la directive 97/55/CE du Parlement européen et du Conseil modifiant la directive 84/450/CEE sur la publicité trompeuse afin d'y inclure la publicité comparative; - la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales et modifiant l'article 4 de la loi du 2 juillet 1935 portant réglementation des conditions d'obtention du titre et du brevet de maîtrise dans l'exercice des métiers; - la loi modifiée du 16 avril 2003 concernant la protection des consommateurs en matière de contrats à distance; - la loi modifiée du 18 décembre 2006 sur les services financiers à distance pages 512-515

Question urgente N°3309 de M. Fernand Etgen relative aux cas d'oreillons au Luxembourg pages 515-516

5940 - Projet de loi concernant la réhabilitation des installations hydroélectriques de Rosport et la mise en conformité de la continuité de la Sûre à Rosport pages 516-517

Motion de M. Claude Meisch relative à la transformation de l'ADEM en établissement public et à l'élaboration d'un projet de loi renforçant le rôle de l'ADEM dans le domaine de la formation des demandeurs d'emploi et définissant les droits des chômeurs en fonction de leurs efforts propres déployés en matière de recherche d'emploi page 517

Motion de M. Jean Huss relative à la participation à la Journée internationale contre l'homophobie avec campagnes d'information et de sensibilisation page 517

5952 - Projet de loi relatif à la réhabilitation des infrastructures techniques primaires de la Caserne Grand-Duc Jean au Herrenberg à Diekirch pages 517-520

Communications page 521

6030 - Proposition de révision de la Constitution portant modification et nouvel ordonnancement de la Constitution page 521

Ordre du jour page 521

Nomination d'un commissaire aux comptes pour la Société nationale de Crédit et d'Investissement pages 521-522

Question urgente N°3315 de M. Xavier Bettel relative à la grippe porcine page 522

5828 - Projet de loi portant diverses mesures d'application du règlement (CE) N°1082/2006 du Parlement européen et du Conseil du 5 juillet 2006 relatif à un groupement européen de coopération territoriale (GECT) pages 522-524

5824 - Projet de loi ayant pour objet

- A) la transposition en droit national de la directive 2004/49/CE du Parlement européen et du Conseil du 29 avril 2004 concernant la sécurité des chemins de fer communautaires;
- B) de créer un cadre réglementaire dans le domaine de la sécurité ferroviaire;
- C) d'instituer une Administration des Chemins de Fer; et
- D) de modifier

a) la loi modifiée du 11 juin 1999 relative à l'accès à l'infrastructure ferroviaire et à son utilisation et
b) la loi modifiée du 29 juin 2004 sur les transports publics pages 524-526
5710 - Projet de loi sur l'ordre et la sécurité dans les transports publics et modifiant
a) la loi modifiée du 17 décembre 1859 sur la police des chemins de fer,
b) la loi modifiée du 12 juin 1965 sur les transports routiers et
c) la loi modifiée du 29 juin 2004 sur les transports publics pages 527-529

5933 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux d'agrandissement et d'assainissement de la décharge pour déchets ménagers et assimilés et des ouvrages techniques annexes du SIGRE pages 529-532

5957 - Projet de loi concernant certaines modalités d'application et la sanction du règlement (CE) N°689/2008 du Parlement européen et du Conseil du 17 juin 2008 concernant les exportations et importations de produits chimiques dangereux pages 532-533

Dépôt d'une proposition de loi page 534

5996 - Projet de loi portant modification de la loi du 22 décembre 2006 sur la construction d'autoroutes de l'information pages 534-536

5986 - Projet de loi relative à l'accès des autorités judiciaires, de la Police et de l'Inspection générale de la Police à certains traitements de données à caractère personnel mis en œuvre par des personnes morales de droit public et portant modification:

- du Code d'instruction criminelle, et
- de la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police pages 536-540

5880 - Projet de loi relative au financement d'une solution informatique permettant la création d'un environnement sans support papier pour la douane et le commerce page 540

5901 - Projet de loi portant renforcement des structures de direction de l'Administration des douanes et accises pages 540-541

5767 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et les Émirats Arabes Unis tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et de son Protocole, signés à Dubai, le 20 novembre 2005

et

5799 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Azerbaïdjan tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et du Protocole y relatif, signés à Bakou, le 16 juin 2006 pages 541-543

5975 - Projet de loi portant création d'une École de la 2^e Chance pages 543-549

Dépôt d'un projet de loi page 550

Dépôt d'une motion par M. Robert Mehlen page 550

5985 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'une maison de soins à Vianden pages 550-551

5984 - Projet de loi modifiant la loi du 30 juin 2004 portant création d'un cadre général des régimes d'aides en faveur du secteur des classes moyennes pages 551-553

5925 - Projet de loi portant modification:
1. de la loi modifiée du 15 décembre 1993 déterminant le cadre du personnel des administrations et des juridictions de la sécurité sociale, et
2. de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État
3. du Code de la sécurité sociale page 554